



Groupe parlementaire

N°149  
Entrée le 03.01.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable et urgence reconnue  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 04.01.2024

Här Claude Wiseler  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2024

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Gëschter (2.1.2024) krute vill landwirtschaftlech Betriber iertemlecherweis e Bréif vun der Administration des Douanes et Accises, fir Cotisatioune vun hire landwirtschaftleche Gefierer ze bezuelen, obwuel dës zu Lëtzebuerg gesetzlech vun där entsprecherender Steier ausgeholl sinn. Esou Feeler bedeite fir d'Betriber eng zousätzlech zäitlech Belaaschtung an deemno wéi feelen d'Suen och temporär am Betrib, falls si der Opfuerderung gudder Wëllens nokomm sinn. Schlussendlech droen se och net dozou bäi dat allgemeng Vertraue vun de Bierger an d'Verwaltungen ze stäerken.

An deem Kontext géife mir dem Här Finanzminister gär folgend Froe stellen:

- 1) Wéi vill landwirtschaftlech Betriber si vun dëser Pann betraff?
- 2) Si sämtlech landwirtschaftlech Betriber offiziell doriwwer informéiert ginn, dass dës Cotisatiounsopfuerderung iertemlecherweis verschéckt gouf, fir sämtlech weider Rechtsongesécherheeten ze vermeiden?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ob séchergestallt ass, datt déi landwirtschaftlech Betriber, déi scho bezuelt hunn, hir Suen onmëttelbar zeréckkréien? Falls net, firwat net?
- 4) Wéi kouw et dozou, dass dës Opfuerderung iertemlecherweis verschéckt ginn ass? Gesäit den Här Minister no dësem Tëscheffall eng intern Evaluatioun vun den entsprecherenden Aarbechtsofleef vir? Kann den Här Minister an deem Sënn och preziséieren, ob et sech hei ëm eng intern Simulatioun vun zousätzleche Recettë gehandelt huet? Falls jo, kann den der Här Minister der Chamber, als Souverän vun der Steierpolitik, déi entsprecherend Resultater zoukomme loossen?

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos  
Deputéiert

Fred Keup  
Deputéierten



**Gemeinsam Äntwert vum Här Finanzminister, Gilles Roth, an der Madamm Ministerin fir Mobilitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°149 vum 3. Januar 2024 vun den éierbaren Deputéierten Alexandra Schoos a Fred Keup**

Verschidden Traktersbesëtzer krute virum Joreswiessel fälschlecherweis vun der Douanes- an Akziseverwaltung eng Opfuederung geschéckt, fir d'Autossteier op hir Trakteren ze bezuelen.

Dësen Iertum ass op e Feeler an engem Informatiksprogramm vun der Douanes- an Akziseverwaltung zeréck ze féieren. De Feeler gouf zanter hir behuewen.

346 Traktersbesëtzer si vun dëser falscher Opfuederung betraff.

D'Douanes- an Akziseverwaltung mécht e Communiqué fir all concernéiert Leit a Betriber iwwert den Iertum ze informéieren.

All déi Concernéiert, déi scho bezuelt hunn, ginn eenzel ugeschriwwen, fir dass si hir Suen direkt kënnen rembourséiert kréien.

Dësen onglécklechen Virfall ass reng nëmmen engem Feeler an engem Informatiksprogramm geschéllt. Et handelt sech deemno net ëm eng Simulatioun vu Recetten.

Lëtzebuerg, de 5. Januar 2024

De Finanzminister

(s.) Gilles Roth